ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. November 2014

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenst Sëcherheet an Verdedegung, den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastructuren, den Här Justizminister an den Här Bannenminister weiderzeleeden.

Bei eise franséische Noperen suergen zënter dem halwen Oktober onbemannte Flig vun verschiddenen Drohnen iwer Atomzentralen fir Opregung. Dobäi stellt sëch eraus, dass et schwéier ass, d'Drotzéier hannert deenen Aktiounen ze fannen an d'Flig ze ënnerbannen.

Dofir wollt ech dem Här Minister fir bannenst Sëcherheet an Verdedegung, dem Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastructuren, dem Här Justizminister an dem Här Bannenminister des Froe stellen:

Sin zu Lëtzebuerg Zonen ausgewisen, déi permanent fir zivilen Flugbetrieb vun bemannten oder ferngesteierten Fligeren an/oder Drohnen gespaart sin?

Wier esou eng Moossnam punktuell denkbar, fir dass Drohnen nët kinnten wichteg Evenementer oder Réuniounen zu Lëtzebuerg stéieren?

Wat fir Strofen gesäit d'Lëtzebuerger Gesez fir, wann eng Persoun sëch iwer esou Verbueter geng ewechsetzen?

Wéi kann hei am Land esou e Verbuet duerchgesat gin a kann am Extremfall vun enger ausgewisener Gesezesiwertriedung oder Gefor den onbemannten Apparat erofgeholl oder zerstéiert gin? Wien wär dann zu esou enger Mesure berechtegt, eis Police oder eis Arméi?

Sin hei zu Lëtzebuerg Fäll bekannt, wou Drohnen fir geplangten oder tatsächlech kriminell Handlungen oder d'Ausspionéieren vun privaten Heiser agesat gi sin?

Denkt d'Regierung , Keefer vun esou Aparater ze registréieren oder e Permis fir de Pilotage anzeféieren, fir Abusën besser ënnerbannen ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten